Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De franséischen Transportministère hat am Januar dëst Joer eng Warnung erausginn, dass d'Airbags vun der Mark Takata (d'Firma gëtt et net méi) beim Ausléisen zu Verletzungen kënne féieren. Dës Airbags sinn a villen europäeschen Autoen agebaut. Ee Reportage op BR24 beriicht, dass et weltwäit 30 Doudesfäll gouf, dorënner och een a Frankräich elo rezent am Juni. De franséischen Transportministère schreift op senger Website:

"*De nombreux véhicules sont équipés d'airbags de la marque Takata pouvant occasionner des blessures graves voire mortelles au conducteur et/ou au passager avant. Le ministère chargé des Transports et les préfets d'outre-mer lancent une campagne d'information à destination des automobilistes, pour inciter les conducteurs concernés à faire changer leurs airbags Takata sans tarder. Un geste de prévention rapide et gratuit.* "

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet de Ministère Informatiounen, a wéi vill Autoen d'Airbags vun der Mark Takata agebaut sinn?
2. Wäert de Mobilitéitsministère fir Lëtzebuerg eng Warnung erausginn?
3. Ass och zu Lëtzebuerg d'Reparatur oder den Ersatz vum Airbag gratis?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten